N°1986
Entrée le 28.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 1986 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

Nieft dem traditionellen Horaire vun den ëffentleche Grondschoule goufen an de leschte Joren och eng ganz Rei alternativ Horairë vun ënnerschiddleche Gemengen a Schoulen an Zesummenaarbecht mat de Regionaldirektiounen entwéckelt, woubäi si op Ufro hi vum zoustännegen Departement vu mengem Ministère begleet goufen (z. B. Kannercampus Belval).

D'Basis vum Opstelle vun engem neien Horaire sollt ëmmer den Dialog tëscht alle concernéierten Acteure sinn (dem Schoulpersonal, den Elteren, an der Gemeng). Dëst ass wichteg, fir den neien Horaire och de lokale Begebenheeten, wéi beispillsweis den Infrastrukturen an der Méiglechkeet vun enger Upassung vum Schoultransport, adaptéieren ze kënnen. Dës lokal Contraintë sinn och de Grond dofir, wéisou de schouleschen Horaire als Deel vun der Schoulorganisatioun an d'Zoustännegkeet vun de Gemenge fält, déi dann zur Approbatioun dem Educatiounsminister virgeluecht gëtt.

Mäi Ministère ass am Zesummenhang mat der Entwécklung vun neien Horairen ëmmer diskussiounsbereet an oppe fir Proposen. Allerdéngs ass et wichteg, datt hei op d'mannst zwou Viraussetzungen duerch den neien Horaire erfëllt ginn. Zum enge muss d'Unzuel vun de wéchentleche Schoulstonnen de reglementaresche Virgaben[1] entspriechen. Zum aneren ass et aus ënnerschiddleche Grënn wichteg, fir eng Reprise vun de Coursen no enger längerer Mëttespaus ze assuréieren.

De Moie vun de Kanner dierf net ze vill chargéiert ginn an esou ass dovunner ofzeroden, si moies wärend fënnef Stonnen oder gegeebenefalls nach méi laang ouni gréisser Paus a Léierprozesser ze setzen. Bei der Ausaarbechtung vum Horaire muss een zousätzlech zu der renger Schoulzäit dann och nach den Transport tëschent dem Doheem an der Schoul mat consideréieren. Een ze laange Moien huet ënnert anerem een negativen Afloss op d'Konzentratioun an d'Opnamefäegkeet vun de Kanner an doduerch och op d'Léieren an d'Entwécklung vun hire Kompetenzen. Zousätzlech kann d'Middegkeet vun de Kanner och d'Entwécklung vu Konfliktsituatiounen an der Schoul, doheem oder an der Structure d'éducation et d'accueil (SEA) verstäerken. Dës Situatioun riskéiert sech ze verschlëmmeren, wann d'Schüler net d'Méiglechkeet hunn, an enger Paus wärend engem laange Moien eng gesond an equilibréiert Collatioun tëscht dem Moies- an dem Mëttesiessen zou sech ze huelen. En Horaire, deen d'Verdeelung vun deene 26 Schoulstonnen am Cycle 1 respektiv deenen 28 Schoulstonnen an de Cyclen 2-4 reng op de Moienter géif virgesinn, riskéiert deemno, net de Kapazitéiten an der Konzentratiounsfäegkeet vun de Schüler Rechnung ze droen.

Zousätzlech sollt de Schoulhoraire och een Outil sinn, fir weider zur Chancëgerechtegkeet bäizedroen. Esou geet e groussen Deel vun den Eltere Vollzäit schaffen a si misste bei engem Horaire, deen nëmme moies Schoulstonne virgesäit, eng weider Betreiung fir den Nomëtten organiséieren. Sécherlech hunn eng ganz Rei Kanner op engem fräie Mëtten dank der diversifizéierter Offer an der non-formaler Bildung een animéierte Programm. Vu datt dësen sech op fräiwëlleger Basis zesummestellt, riskéieren

[1] Annexe 3 vum *Règlement grand-ducal modifié du 11 août 2011 fixant le plan d'études pour les quatre cycles de l'enseignement fondamental*

anerer bei engem Horaire, wou reng moies Schoul ass, ganz fréi am Dag sech eventuell selwer iwwerlooss ze sinn a vill Zäit virun engem Ecran ze verbréngen. Eng Reprise am Nomëtten erlaabt et de Kanner deemno, a Rou zu Mëtten ze iessen, gegeebenefalls nach enger Sports- oder Beweegungsaktivitéit, déi vun enger non-formaler Bildungsstruktur oder der LASEP ugebuede gëtt, nozegoen an duerno mat frëscher Energie nach eng Kéier an d'Schoul ze goen.

En Horaire, dee schonn um 7 Auer ufänkt, géing heinieft och op organisatorescher Säit Problemer opwerfen. Esou misst ee groussen Deel vun de Kanner hei sécher scho géint 6 Auer opstoen, fir sech um 6:30 Auer mam Schoultransport op de Wee an d'Schoul ze maachen, fir matzäiten an hirem Klassesall kënnen ze sinn. Wëssenschaftlech Studie[2] beleeën, datt ee Kand vun 3-5 Joer 10-13 Stonnen an ee Kand vu 6-13 Joer 9-11 Stonnen Schlof brauchen. Muss ee Kand also um 6 Auer moies opstoen, da riskéiert et, a Funktioun vum Alter an de Schlofgewunnechten, extrem fréi mussen an d'Bett ze goen. Och dëst ass mam Alldag vu ville Famillen net ze vereinbaren. Nieft dem fréie Start moies an der Famill stellt och d'Ëmorganisatioun vum Schoultransport an d'Assuréiere vun enger Surveillance vun de Kanner an der Schoul virum Ufank vun de Coursen ee Probleem duer. Dës Weidere riskéiert dee Moment och d'Zäit tëschent dem Moies- a Mëttesiessen nach méi laang ze sinn, wat negativ Auswierkungen op d'Konzentratiounsfäegkeete vun de Schüler huet, déi wéi virdru schonn uginn, duerch eng feelend equilibréiert Collatioun an der Paus riskéieren, verstäerkt ze ginn.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH

[2] Ënnert anerem: M. Hirshkowitz, K. Whiton, S.M. Albert, et al.(2015): National Sleep Foundation's sleep time duration recommendations: methodology and results summary